



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg



Lëtzebuerg, den 11/06/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Justiz, Bannenzeg Sécherheet & Verdeelegung weiderzeleeden.

Aus der Äntwert vum Premier Minister Xavier Bëtzel op d'parlamentaresch Fro n° 640 vum honorabelen Deputéierte Laurent Mosar (CSV) zu dem sougenannten „Geheime Casier“ geet ervir, dass d'Police iwwert ee „Fichier central“ verfüügt, dee sämtlech Protokollen a Rapporten regroupéiert, déi vun officiers de police judiciaire (OPJ) an agents de police judiciaire (APJ), konform zum Code de procédure pénale, geschriwwen gi sinn. Dëse „Fichier central“ faasst delikat Informatiounen iwwert d'Biergerinnen a Bierger an enger Datebank zesummen.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

- 1. Vu wéini un existéiert dee „Fichier central“? Gouf d'Regierung an der Vergaangenheet vun der Existenz vum „Fichier central“ an d'Bild gesat? Wa jo, goufen et Bedenken a Saache Sécherheet, Legalitéit an Ethik?
- 2. Wéi eng Ministere woussten, säit 2012, iwwert d'Existenz vum „Fichier central“ Bescheed, respektiv, wéi enge Ministere gouf d'Existenz vun dësem Fichier zougedroen an zu wéi engem Zäitpunkt?
- 3. Kéint d'Regierung präziséieren op wéi enger Software de „Fichier central“ vun der Police baséiert an duerch wéi eng Secherheetsoutillen e geschützt ass? Kann de Minister garantéieren, datt dës Base de données adequat géint Cyber-Attacken protegéiert ass?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député



www.piraten.lu



CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et
secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 11 juin 2019

Objet : Question parlementaire n° 772 du 11.06.2019 de Monsieur le Député Marc Goergen -
Fichier central de la Police grand-ducale

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés